# 3. Student fir 1 Dag 2026

Du bass Schüler:in an du wëlls no dengem Lycées-Ofschloss studéiere goen, mee du weess awer nach net wou a wat genau op dech zoukënnt? Da komm mat op de «Student fir 1 Dag», deen d'ACEL dëst Joer an Zesummenaarbecht mat senge Cerclen an der Uni.lu organiséiert, a looss dir deng zukünfteg Studiestad, däi Fach an d'Uni weisen.
De „Student fir 1 Dag" fënnt dëst Joer wärend der Ouschtervakanz vum 28. März - 10. Abrëll statt. Dëse gëtt de Schüler:innen d'Méiglechkeet, mam Bus oder mam Fliger an eng vu 24 Studiestied, déi dëst Joer um Programm stinn, ze fueren, a sech vun de Lëtzebuerger Student:innen all hir Froe bezüglech de verschiddene Studiegäng, der Wunnengssich an dem Studenteliewe beäntwerten ze loossen.
Wann s du Loscht hues dir deng zukünfteg Studiestad oder deng Fachrichtung vu Student:innen weisen ze loossen, da kanns du dech bis zu zwee Schaffdeeg* virun der Rees op eisem Internetsite umellen :

**Student fir 1 Dag**

*Dëst gëllt nëmme fir d'Busreesen an d'Reesen op Eegeninitiativ. Bei de Fluchreese kann een sech bis zu 8 Deeg am Viraus umellen.

Programm 2026

- 28.03. Innsbruck* / München*
- 30.03. Louvain-La-Neuve / Lausanne* / Wien
- 31.03. Heidelberg / Karlsruhe
- 01.04. Köln / Zürich
- 02.04. Freiburg (DE) / Strossbuerg / Fribourg (CH)*
- 03.04. Paräis / Amsterdam
- 07.04. Oochen / Bréissel
- 08.04. Kaiserslautern / Bingen / Tréier
- 09.04. Léck / Maastricht / Berlin
- 10.04. Bonn / Düsseldorf

* Hei mussen d'Käschten vum Transport esou wéi och eventuell eng Jugendherberg oder Hotel selwer gedroe ginn.


Sf1D
Student fir
1 Dag
DENG
REES!
FÄNKT ELO UN
UMELDUNG AB DEM
14. FEBRUAR 2026
Méi Informatiounen op acel.lu/sf1d
ACEL